N° 7971
Entrée le 08.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.05.2023

adr

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Mee 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 28. Abrëll 2023 goufen 176 nei Poliziste vereedegt. Esou wéi um Site vun der Police ze liesen ass, huet et sech ëm déi éischt Vereedegung vun neie Beamten zënter dem Dezember 2021 gehandelt. Wärend deem Zäitraum sinn eng 120 Agenten aus ënnerschiddlechen Ursaachen aus dem Déngscht ausgescheet, sou datt um Enn e Saldo vu 56 zousätzlechen Agente steet.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, aus wéi engen ënnerschiddlechen Ursaachen (Pensionéierung, Versetzung an en aneren Zerwiss, Burn-out asw.) d'Beamten d'Police am Eenzele verlooss hunn? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi eng Ursaachenanalyse virgeholl goufen, falls Leit virum Enn vun hirer regulärer Déngschtzäit ausgescheet sinn a wéi eng Conclusiounen zeréckbehale goufen?
2) Wa Leit hir Intentioun bekannt ginn, fir d'Police fréizäiteg ze verloossen, gëtt da probéiert op hir eventuell Problemer anzegoen, fir datt si awer eventuell nach bleiwe wëllen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten